

Finanziell géing et de Gemenge besser goen, ewéi wéinst der Kris gefaart

RTL | Update: 04.06.2021 19:05

Impakt vun der Kris op d'Gemengen

Et wär evident, dass och déi 102 Gemengen den Impakt vun der Kris an hire Keese mierken. A

Dat sot d'Inneministesch Taina Bofferding e Freideg de Moien op enger Pressekonferenz.

Et wär evident, dass och déi 102 Gemengen den Impakt vun der Kris an hire Keese mierken. Allerdéngs hunn d'Märeie "just" 210 Milliounen Euro manner kritt, ewéi an de Budgete virgesi war. Am Ufank vun der Pandemie war ee vun enger duebel esou héijer Perte ausgaangen. 2,1 Milliarden Euro kruten d'Gemengen am Joer 2020.

D'**Taina Bofferding** huet wärend dëser Pressekonferenz ëmmer nees betount, d'Kritik vu virop CSV-Politiker wär falsch.

"Net bestätege kann ech d'Aussoe vum President vum Gemengesyndikat Syvicol a vu mengem Vir-Vir-Virgänger, déi sech quasi eens waren, dass d'Gemenge strukturell Finanzproblemer géife kréien a laangfristeg ënner d'Riede géife geroden. Dat sinn Aussoen, déi ech ni wäert deelen, well d'Zuelen et einfach net hierginn. Konservativ Meenungen a perséinlecht Empfanne sinn nach laang keng Fakten. Domat kann ech als Inneministesch wéineg ufänken. Meng Aufgab ass et awer, d'Gemengefinanze permanent um Radar ze hunn an net nëmme Momentopnamen ze weisen."

Dofir gouf um Freideg den internen Alarmsystem virgestallt. En Outil, mat deem d'Beamten am Inneministère Mount fir Mount mat neien Donnéeën iwwerpräiwen, wéi stabil d'Finanze vun den eenzele Gemenge sinn. Aktuell wär keng an de Laberenten, esou d'Inneministesch Taina Bofferding.

D'Finanze vun de Lëtzebuerger Gemenge wäere resilient.

En onofhängege Rapport vun der Lëtzebuerger Zentralbank huet iwwerdeems erginn, dass d'Ziler vun der Reform vun de Gemengefinanzen am Joer 2016 am grouse Ganzen areecht goufen.

[PDF Schreiwes Syvicol](#)

D'Äntwert vum **Syvicol** huet net laang op sech waarde gelooss. De Gemengesyndikat mécht ganz aner Constaten. Virop well d'Effekter vun der Kris sech net nëmmen op dat viregt Joer limitéiere géingen.

Deemno géingen d'Recettë vun de Gemengen op d'mannst bis 2023 wuel an der Realitéit däitlech ënnert de Previsiounen leien, déi d'Gemengen 2019 matgedeelt krut haten. D'Gemenge missten da vun enger cumuléierter Perte vun iwwer enger Milliard Euro ausgoen.

Iwwerdeems hätten d'Gemengen et och ze di mat enger däitlecher Hausse vun de Käschte fir Konstruktiounen. Verschidden Devisen wäeren ëm méi ewéi 40 Prozent geklommen.

Offiziellt Schreiwes

Taina Bofferding présente un système d'alerte en rapport avec les finances communales et confirme leur stabilité (04.06.2021)

Communiqué par: ministère de l'Intérieur

«Même si 2020 peut être qualifiée d'année exceptionnelle, la situation globale des finances communales – après un an de pandémie – est bien meilleure qu'initialement redoutée!»: c'est le bilan que la ministre de l'Intérieur a tiré aujourd'hui lorsqu'elle a présenté le «dashboard» des finances communales. Cet outil permet d'apporter une vigilance particulière à la stabilité financière des 102 communes du pays. Chaque mois, de nouvelles données provenant des communes alimentent le «dashboard», et un système d'alerte permet de veiller sur la situation financière à l'aide d'indicateurs développés. En fonction du niveau d'alerte atteint, suite à une tendance défavorable détectée, les communes seront contactées par les services compétents du ministère pour, si nécessaire, y remédier ensemble et recevoir les conseils appropriés.

Lors de la conférence de presse, des exemples réels de communes anonymisées ont montré qu'aucune d'entre elles ne se trouve actuellement dans une situation financière délicate. Même si, par rapport aux prévisions budgétaires, les communes ont perçu 210 millions d'euros de moins que prévu, il faut se rappeler qu'à un moment donné, l'on estimait la perte à pratiquement 420 millions d'euros, donc le double! Taina Bofferding a félicité les communes pour leur gestion résiliente des finances. En effet, même si elles ont souffert de la pandémie, elles ont su maintenir un niveau d'investissement élevé (grâce, aussi, à une hausse des subsides du ministère qui a fait que, l'année dernière, 30 millions d'euros supplémentaires ont été versées aux communes) tout en stabilisant leur situation financière.

À côté de cet outil performant, la ministre de l'Intérieur a encore évoqué les conclusions d'un rapport élaboré par la Banque centrale du Luxembourg sur la réforme des finances communales de 2016. Ce rapport indépendant sur les exercices budgétaires précédant

la pandémie retient que les objectifs de la réforme ont été globalement atteints. Rappelons que la réforme avait pour but d'améliorer cette stabilité et de réduire les inégalités. Les chiffres démontrent par exemple que l'écart des contributions par habitant entre les différentes régions du pays (excepté la Ville de Luxembourg) a diminué de quasiment 8% en 2015 à un peu moins de 2,5% en 2020.